

de Reider

Informationsblad vun der Gemeng Ettelbréck




Ettelbréck
VILLE CENTENAIRE 2007

"de Reider" Nummer 42

Juli 2008

Rédaction: Nico Beckerich, Pierrot Feltgen, Claude Halsdorf, Marc Hirt, Arthur Muller,
Jean-Louis Reuter, Alphonse Schmit, Marthy Thull

Ont collaboré à ce numéro:

textes: Nico Beckerich, Pierrot Feltgen, Alphonse Schmit

photos: Photo-Club Ettelbréck, Pierrot Feltgen, Eddie Guillin, Serge Kugener

documents: Arthur Muller, Télécran

Layout: Agence de publicité LEZARTS

Couverture: Sons & lumières 2007

de Reider

Informationsblad vun der Gemeng Ettelbréck



An dëser Editioun

Virwuert	2
Akademisch Sëtzung vum 20. Oktober	4
Internationalen Badminton-Turnéier	11
Nostalgie-Dampzuch op der Atertlinn	12
Konferenzen: „Jéinisch“ a Pater Bellwald	13
„Plaque Commémorative“ Dokter Huberty	14
Internationalen Dëschtentournéier vu «Special Olympics»	15
Daf vun zwou Lokomotiven	16
Volleks- an Eisebunnsfest den 8., 9., an 10. Juni 2007	17
Nationalfeierdag 2007	36
Gaard vum Centenaire / Arcade	38
Top-Perche an der Foussgängerzone	39
Landwirtschaftlech Ausstellung a „Schwäizer Weekend“	40
De Bëbee vum Centenaire	41
Ausstellungen: Photoclub, La Pugliaa an Education précoce	42
Rallye fir Kanner	46
Concert: The Centennials	47
Gala vun den Turner	48
Revue vun den „Ettelbrécker Theaterfrënn“	49
Trial WM-Laf zu Waarken	50
125 Joer Ettelbrécker Pompjeeën	51
Ausstellung 100 Joer Ettelbrécker Handwierk	52
Graffiti-Atelier	53
Intervilles-Spiller	54
Buch vum Centenaire	56
Ofschlossfeier de 27. Juni	58
Shop	59

100

Joer Stad Ettelbréck

Dës Spezialnummer vum Reider erlaabt eis e Réckbléck op en aussergewöhnlecht Joer.

D'Jubiläumsjoer vun der Zouerkenntnis vum Stadrecht, dat Ettelbréck de 4. August 1907 kritt huet, war gekennzeechent vun villen Aktivitéiten vun eise Veräiner, dem „Syndicat d'Initiative“ an der Gemeng. Begleet waren dës Beméiungen vun eise Betriber, Institutiounen a Geschäfte.

Eise grouse Merci geet un all déi, déi sech mat onendlech vill benevolem Asaz ëm eis Stad an em eist Zesummeliwe verdéngt gemaach hunn.

Do zielt un éischer Plaz „Commission du Centenaire“, déi de ganze Programm ausgeschafft a koordinéiert huet. Hir Memberen verdéngen eise grouse Respekt, esouwuel fir di vill Aarbecht, wéi fir di gudd Iddien an déi vill Initiativen.

Mir sin och dem André Grosbusch, Historiker a Festiedner, zu engem grouse Merci verpflichtet. Säi wertvolle Beitrag dierf an dësem Reider nët feelen.

Mir all hunn an dësem Joer matenee gefeiert a mir hun Freed dobäi gehat. Mir sinn ee Stéck zesummegeewuess a mir kennen houfreg sinn ob deen Dynamismus deen an eise Matbirger stècht.

Eise Merci geet awer och un all Sponsoren, Geschäftsleit, un de Geschäftsverband, un eis Verwaltungen an net zuläscht un eis Gemengenservicer, déi a villen Aarbechtsstonnen dofir gesuert hunn, dass „hire Patron Gemeng“ säi Gebuertsdag konnt feieren. Si hunn sech vill engagéiert fir aus dësem Joer en Erfolleg ze maachen.

Mir hunn zesummen vill schéi Momenter erlieft, un déi mir eis erënneren beim Duerchbliederer vun dësem Band. Nët alles kann hei reproduzéiert ginn. Dës Auswiel erlaabt et eis awer fir dat gudd Gefill, e Stéck gemeinsam Heemechtsstad ze hunn, an eis all nach eemol opliewen ze loossen.

De Schäffen- a Gemengerot dréckt lech all seng beschte Wësch fir Zukunft aus.

De Schäfferot

Jean-Paul Schaaf, Buergermeeschter
Claude Halsdorf, Schäffen
Marcel Burg, Schäffen

Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Freides, den 20. Oktober 2007:

Akademesch Sëtzung

Di Akademesch Sëtzung zum Centenaire wor den 20. Oktober am Centre des Arts pluriels Ed Juncker. No der Begrëssung duerch de President vun der Kommissioun vum Centenaire Pascal Nicolay huet de Professor André Grosbusch an enger bemierkenswerter Festried explizéiert wéi Ettelbréck, de 4. August 1908, dach nach de Stadtitel kritt huet, op deen et scho sou laang gewaart hat. Geschwat hun duerno nach den Inneminister Jean-Marie Halsdorf an de Buergermeeschter Jean-Paul Schaaf. Fir e flotten musikalischen Encadrement hun d'Schüler vum Conservatoire du Nord gesuert, an de Syndicat d'Initiative huet dem Buergermeeschter e schéine Collage mat Zeenen aus der Ettelbrécker Geschicht, vum Sylvie Collignon, iwerreecht. Zum Ofschloss vun der Feier huet de Schëffen- a Gemengerot all Gäscht an de Foyer vum Cape op eng Rezeptioun agelued.



Séance académique du 20 octobre 2007

Festried vum Professor André Grosbusch

Virun honnert Joer, matzen an der „Belle Epoque“, huet den Himmel iwver Europa sech zougezunn, ouni datt d'Mënsche geaant hätten, wat um Komme war. D'Bündnissystem vun de Groussmuechten huet sech 1907 mam Rapprochement vu Frankräich, Russland an England verdäitlecht, iwverdeems Däitschland sech op een Zweefrontekrich virbereet huet. Am Summer konnt een an den Zeitunge liesen, datt d'Ofrüstungskonferenz, déi de 15. Juni zu Den Haag ugefaang hat, e Schlag an d'Waasser war.

Souwäit fir di grouss Schlagzeilen!

Ugangs August 1907 ass awer och, onbemierkt vun der Weltëffentlecheet, mam Scoutismus di gréisst Jugend- a Friddensbewegung gebuer ginn, déi Gott sei Dank bis haut d'Hoffnung op eng besser Welt waach hält.

An derselwechter Woch huet an engem klengen neutrale Land eng onscheinbar Uertschaft, déi sech daper am Laf vun de Jorhonnerten eropgeschafft hat, eng Unerkennung kritt, déi se bis haut ouni Zweifel verdéngt. Ettelbréck ass de 4. August 1907 zesumme mat dräi Südgemengen offiziell zur Stad erhuewe ginn.

Versetze mer äis e Moment honnert Joer zréck.

D'Onsicherheit iwver d'Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg ass verflunn, virleefeg op d'mannst. D'Natioun steet op feste Féiss. De Groussherzog Wëllem IV. ass zwar schwéier krank, mä d'Successioun um Thron gëtt am Abrëll 1907 zu Gonschte vu senger eelster Duechter Maria-Adelheid gesetzlech gereegelt, an zu Colmer-Bierg gëtt dat neit Schlass gebaut. Vum Stuerm ëm eis Monarchie ass nach kaum eppes ze spiren.

An der Politik gëtt vill gestriden, méi wéi haut. Doduerch, awer och mam progressiven Ofschafe vum Zensuswahlrecht, sinn eiser Demokratie lues awer sécher Filleke gewuess, och wann d'Standesdenken an de Respekt virun all Hierarchie ëmmer nach héichgehal ginn.

Wat awer wier di jonk Natioun ouni seng wirtschaftlech Grondlag! De rasanten techneschen a wëssenschaftleche Fortschritt huet och eist Land erreecht. Mam Feierwon an der Telegraphie hu mer definitiv den Uschloss un d'Welt fonnt.

Awer de Räichtum läit am Süden. Um nationale Plang huet d'Stonn vum Minette geschlon, wou d'Stolindustrie op Héichtouren leeft. Vill jonk Leit bleiwen net méi an hiren Heemechtsdierfer, well de roude Buedem si ugezunn huet. Esch huet seng Awunnerzuel an zwanzeg Joer verduebelt. Awer och di aner Südgemengen entwéckelen sech zu staark bewunnten Uertschaften.

An Ettelbréck? Weder op der Haardt nach ënner dem Hinnchen läit Eisenäerz; de Wäin war ëmmer ze sauer, a mam Kallek vum Lopert ass d'Uertschaft och nach net fett ginn. D'Gericht an aner Verwaltungen, den Tourismus, d'Kultur an de Kolléisch si beim Noper zu Dikrich. Villes hätt also derfir geschwat,

d'Ettelbrécker Weistum
vun 1492



datt Ettelbréck fënnef Kilometer vun der zweeter Haaptstad vum Land een einfacht Duerf mat guddem Buedem – „Atilbriga“ – bliwwen wir.

Nun, mir wëssen et all, duerch seng gënschteg geographesch Lag, duerch präzis Evenementer, awer och duerch de Fläiss vu sengen Awunner a schliisslech duerch de Wëllen an de politische Geschéck vu lokale Perséinlechkeeten ass Ettelbréck zu enger Baueren-, Handels-, Kommunikatiouns- an Déngschtleschtungs-metropol ginn, vun där eng ganz Regioun, souguer iwver d'Landesgrenzen eraus, Notze gezunn huet.

Tëscht den Ardennen an dem Gutland geleëen, do wou dräi Flëss a véier Däller zesummelafen, war Ettelbréck zu engem natierleche Carrefour predestinéiert, deen d'Kelten an d'Réimer schon ze schätze woussten. An eisem Wope fanne mer keen Tuerm, kee Schwert, keng Mauer a keng Mitra, mä Stréigaarwen, eng Bréck an de gefligelte Staf vum Merkur, dem Beschützer vun den Händler an de Reesenden. De roude Léiw ass net dee vun engem lokalen Adligen, mä d'Symbol vum Land.

Am Mëttelalter huet d'Bedeutung vun Ettelbréck fir den Handel sech verdäitlecht. D'Weistümer vu 1492 an aus dem 16. Jorhonnert begrënnen eng Rei Fräiheeten a Rechter fir d'Ettelbrécker Leit. Am Joer 1609 huet d'lechternacher Abtei, déi du schon iwver 700 Joer

Grondhär vun Ettelbréck war, vun den Erzherzogen Albert an Isabelle d'Recht op e gereegelte Joermaart vun dräi Deeg zougestan kritt. No der schrecklecher Zäit vum spueneschen Erbfolgekrich ass eis Uertschaft am 18. Jorhonnert opgeblitt an huet mat sengem Kär vu bal 800 Awunner ëmmer méi säin Duerfgesiicht ofgeluegt an ugefaang, lues a lues aus dem Schiet vun der Stad Dikrich erauszewuessen.

Den 18. Juli 1778 awer huet et ausgesinn, wéi wann alles verluer wir.

E schreckleche Feier huet bal di ganz Uertschaft an e Koup Äsche geluegt. Doropshin hunn d'Bierger eng Ufro un d'Kaiserin Maria Theresia geriicht, fir d'Recht ze kréien, nieft dem traditionelle Joermaart zousätzlech 11-mol am Joer e Maart ofzehalen an sech esou rëm aus dem Misär eropzeschaffen. Gléck am Ongléck, den Dekret vum 16. Juni 1780, dee virun allem d'Fernhändler geschützt huet, huet Ettelbréck de grouse Worf erméiglecht. Sou gesi war 1980 den Anniversaire vun de Jormäert eigentlech méi wichteg wéi deen, dee mer dëst Joer feieren. D'Uertschaft ass nei opgebaut ginn an hat kuerz virun der Revolutioun schons iwver 1.000 Awunner, bal sou vill wéi Dikrich (1140). D'Fransousen hu während e puer Joer Ettelbréck souguer als Kantonalhaaptstad bestëmmt.

De Brand vun 1814 huet et eng zweet Kéier erlaabt, d'Uertschaft beim Neiopbau ze moderniséieren: D'Pompjeeë sinn op d'Bee gesat ginn, an d'Diecher hu misse mat Zillen oder Leeë gedeckt ginn. Net méi spët wéi 1815 huet de Michel Fixmer aus der Stad de Virdeel erkannt fir grad zu Ettelbréck eng Tubaksfabrik opzebauen, déi Jorzingte laang als Familljebetrib hire Päifen- a Schnauftubak souguer iwver d'Grenze vum Land eraus verkaaft huet.

Ettelbréck am Joer 1586, no enger Zeechnung vum Abt Johann Bertels





Ettelbréck 1874 vum Louis Jacoby

No der Deelung vum Grand-Duché 1839 sinn zwar keng Baueren aus der Wallonie méi op Ettelbréck komm, dofir awer déi aus dem Réidener Kanton, déi virdrun hir Wuereen éischter zu Arel verkaaft hunn.

De Kadaster vun 1842 gëtt en detailléiert Bild vun der berufflecher a sozialer Struktur vun der Bevölkerung. Et gouf duebel souvill Handwierksbetriber (40) wéi Baueren (20), allerdings och vill Doléiner an arem Leit. Sou wéi haut konnt ee sech deemols zu Ettelbréck alles besuergen, wat fir d'Liewen am Alldag néideg war. Dat entsprécht schon enger klassischer Definitioun vun enger Klengstad.

An de véierzeger Joeren huet besonnesch de Staatskanzler Baron Friedrich de Blochausen vum Birtrenger Schlass sech als een äifregen Affekot fir Ettelbréck erweisen, och wann hien d'Ettelbrécker Bevölkerung fir „turbulent a leidenschaftlech“ gehal huet. Mä grad dofir wollt hien, datt d'Haaptgendarmeriebrigad vum Kanton zu Ettelbréck, an net zu Dikrich stationéiert sollt ginn. Dat ass zwar net gelong, ma zwëschen 1843 an 1846 gouf ëmmerhin d'Artillerie vun dem Bundeskontingent zu Ettelbréck ënnerbruecht, e weideren Detail, dee fir eng Stadgeschichte net oninteressant ass.

Bei de landeswäiten Onroue vun 1830 a besonnesch 1848 hunn déi Ettelbrécker eng apaart Roll gespillt. Stolz si mer awer haaptsächlech, well di éischt modern Constitutioun vu Lëtzebuerg am Abrëll dat Joer hei zu

Ettelbréck an d'Wee geleet gouf. Bei dëser Geleeënheet ass iwwregens fir d'éischt eng kuerz Diskussioun tëscht de Politiker op Lëtzebuergesch gefouert ginn.

En aneren Héichpunkt vun nationaler Dimensioun war de 5. Juni 1864 d'Uropféierung vun der „Heemecht“ duerch 550 Sänger op der Place Marie-Thérèse.

Entscheidend fir de wirtschaftlechen Opschwung war awer d'Eisebunn, déi tëschent 1856 an 1880 ausgebaut gouf. D'Decisioun, d'Nordstreck a Richtung Ëlwen a Léck duerch den Dall mat 18 Tunnelle lafen ze loosse, war vu kapitaler Bedeitung souwuel fir d'Entwécklung vum Éislek wéi fir Ettelbréck. Mat dräi Quaien war eis Gare eng vun de gréissten am Land an huet Händler, Baueren a souguer Touristen aus allen Himmelsrichtungen ugezunn.

Parallel dozou gouf zu Ettelbréck e regionale Postzentrum ageriicht. Net nëmmen de Maart, deen zënter 1854 all Woch stattfonnt huet a wou besonnesch Mëllechprodukter, Fruucht, Päerd an aner Béische gehandelt goufen, mä och déi lokal Geschäftswelt huet vun dëser Entwécklung profitéiert. D'Zuel vun den Handwierker, déi hir Wuereen an ëmmer méi schéine Butteker verkaaft hunn, ass tëschent 1867 an 1880 vun 80 op 120 geklomm. 1863, eelef Joer, nodeem d'Stroossen am Zentrum mat Pavé zougeluegt gi waren, huet Ettelbréck seng éischt Stroossebeliichtung kritt.

Och d'Kierch huet sech den neie Verhältnisser an Uspréch ugepasst: 1850 ass di nei Porkierch fir de Gottesdingscht fäerdeg ginn. Si gouf awer eréischt am Joer 1864 konsekriert. An de 70er- an 80er-Joeren hunn d'Synagog mat hirer Schoul an den israelitische Kierfecht Ettelbréck och zu engem religiéisen Zentrum fir d'Judden aus der ganzer Géigend gemaach. Déi bedeitendst israelitisch Famill waren d'Gebridder Godchaux, déi an de 70er-Joere vum 19. Jorhonnert bei der Uelzecht eng Wollwäscherei a Spënnerei opgeriicht hunn, déi um Enn vum Jorhonnert iwwer 300 Aarbechter beschäftegt huet. De Jules Godchaux souz selwer 5 Joer am Gemengerot.

Am Gesondheetswiesen huet Ettelbréck sech zënter 1867 no dem Bau vun enger Heilanstalt no an no zu engem nationalen Zentrum fir Geeschteskranker entwéckelt.

Schliisslech huet d'Schoulangebot sech iwwer d'Gemengegrenzen ewech een Numm gemaach. D'Pensionnat Sainte-Anne fir jonk Meedercher war zënter 1852 landbekannt. Mä virun allem ass 1880 am Kader vun der Ettelbrécker Oberprimärschule de Grondstee vun der spéiderer Akerbauschoul geluegt ginn.

Wéi de Gemengerot dat Joer, also 1880, den 100. Anniversaire vum Maartrecht virbereet huet, gouf et absolut keen Zweifel méi, datt Ettelbréck keen Duerf, mä eng Klengstad war, déi bestänneg no uewe gestriift huet.

Souguer a Regierungskreeser war d'Wuert „Stad“ fir Ettelbréck scho laang geleeft.

Elo stellt sech di spannend Fro: Wat huet et mam Stadtitel op sech, wéinst deem mir haut an dësem Sall eng Séance académique ofhalen?

Am 12. an 13. Jorhonnert, wou di meescht Stied an Europa entstan sinn, ware mam Stadrecht eng ganz Partie Privilegie verbonnen, ënnert anerem eng gewëss Selbstverwaltung, d'Maartrecht, d'Stadbefestigung a bestëmmt Fräiheete fir di eenzel Bierger. Am „ancien régime“ gouf et iwwerall komplizéiert Hierarchien, och bei der Denominatioun a bei de Rechter vun Territorien oder verschidden Zorte vun Uertschaften.

D'Franséisch Revolutioun huet domat opgeraamt. Et gouf zolidd rationaliséiert. Rechtlech gesi war eleng d'Gemeng di klengst territorial Unitéit. Ob Duerf, Bourg oder Stad, all Gemeng hat grondsätzlech dissel-

wecht Rechter a Pflichten, och wann am Département des Forêts de Begrëff „ville“ ni ganz verschwonn ass. Egal wéi, et huet net vill gedéngt, wéi 1811 den Ettelbrécker Gemengerot festgehal huet: «sous tous les rapports Ettelbruck mérite le titre de ville ou du moins celui de bourg.»

No 1815 huet de Kinnek-Groussherzog Wëllem I. am Sënn vun der Restauratioun den „ordre des villes“ erëm ageféiert, an zwar fir déi Stied, déi fréier an de Provinzialstänn den drëtten Stand vertrueden haten.

Leider huet Ettelbréck awer net zu dësen historische Stied vu Lëtzebuerg gehéiert, obwuel et bal duebel sou vill Awunner wéi d'Stad Veianen hat.

Zur Zäit vum Wëllem II. ass an der Sëtzung vum 12. Januar 1840 de Gemengerot ënner dem Buergermeeschter Guillaume Herckmanns awer dann an d'Offensiv gaang, an huet ënner anerem gefuerdert: „...die Wünsche und Bitten der Einwohner von Ettelbrück, ihren Ort, der unstreitig das erste Handelszentrum nach Luxemburg-Stadt ist, (...) zum Rang einer Stadt zu erheben, und ihr die Rechte und Privilegien der Städte zu verleihen.“ Dorop ass awer näischt erfollegt, well d'Regierung du schon een ëmfaassend Gemengegesetz ausgeschafft huet, dat de 24. Februar 1843 a Kraaft getrueden ass.

Am Prinzip kennt dëst Gesetz nëmme Gemengen. Trotzdem gëtt am Artikel 1 kuerz vermierkt, datt nieft Lëtzebuerg och Dikrich, lechternach, Gréiwemaacher, Réimech, Veianen a Woltz den Titel „Stad“ behalen. Den eenzegen Ënnerscheid louch dodran, datt d'Buergermeeschteren an d'Schäfte vun de Stied vum Kinnek-Groussherzog ernannt goufen, während bei deenen anere Gemengen de Conseil de Gouvernement d'Nominatioun virgeholl huet, en Detail, dee bis haut weiderbesteet.

An anere Wieder: Wann dës Distinctioun net am Gesetz gestan hätt, dann hätt d'Fro, wéini eng Uertschaft sech fir de Stadtitel qualifizéiert, sech net méi gestallt, a mir séizen elo net hei. Well awer den Ënnerscheid zwësche Stad a Landgemeng weider bestan huet, hunn di Ettelbrécker sech net ginn.

Virun der Industrialiséierung vun der Minettegéigend war Ettelbréck iwwerengs di eenzeg Uertschaft, déi sech ëm de Stadtitel beméit huet. Am Dezember 1849 huet d'Gemeng eng Petitioun presentéiert, fir d'Beziirksgeriicht vun Dikrich op Ettelbréck ze verleeën. Si huet de Staat opgefuerdert, nei Industrien op

Ettelbréck ze bréngen a sech gläichzäiteg och fir di aarm Leit anzesetzen. Tatsächlech hat Ettelbréck duerch säi Proletariat a seng legendär Päerdsdëif kee ganz gudder Ruff. Déi negativ Äntwert vun Dikrich an aus der Stad war onmëssverständlech.

Well an der Verfaassung vun 1868 den Terme „ville“ iwwerhaupt net méi virkënt, hätt d'Thema vun enger Staderhiewung definitiv misse vum Dësch sinn. Mä nach ëmmer huet déi Fro den Ettelbrécker keng Rou gelooss. Vläch huet den Arrêté grand-ducal vun 1855, deen en offizielle Kostüm fir d'Buergermeeschteren an d'Schäfte vun de siwe Stied virschreift, di al Ambitioune waakreg gehal.

Besounnesch deen duerch d'Eisebunn bedéngten Op-schwung, awer och den eiserne Wëlle vum Gustave de Marie, deen 1879 Buergermeeschter gouf, erklären, datt trotz de Refuse vun 1840 an 1849 de Gemengerot den 100. Anniversaire vum Maartrecht notze wollt, fir de 6. Mee 1880 nach eng Kéier eng formell Demande ze stellen, mat engem fuschneie Stadwappen als Bäluecht.

Wat war den Zweck? Mä einfach, ech zitieren: „pour relever et faire ressortir l'importance du chef-lieu de la commune“. Et gong also leschtlech, an enger Zäit, an där d'Symboler an d'Hierarchien, am ëffentleche wéi am private Liewen, eng vill méi grouss Bedeitung hate wéi haut, ëm näischt aneschtens wéi ëm Prestige.

De Bréif vum Gustave de Marie un de Staatsminister Félix de Blochausen vum 7. Mee 1880 huet keen Zweifel dru gelooss, datt d'Äntwert positiv misst ausfallen.

Mä di Saach war net sou einfach. De Staatsminister war iwwerrascht a wousst net, wien an där Fro kompetent wär. Hien huet also d'Saach weiderginn un den Directeur général de l'Intérieur. Deen huet de Procureur général (10. Mee) ëm Rot gefrot. Dësen huet den 19. Mee geäntwert, datt de Stadtitel eng historesch Bedeitung hätt, an datt den „ordre des villes“ 1841 provisoersch an 1868 definitiv ofgeschaaft gi wär. Hee weist awer gläichzäiteg drop hin, datt et trotzdem nach kleng Ennerscheeder géif, wéi eben dee vun der Nominatioun vum Schäfferot a vum Gesetz iwwer d'Wiertschaften, déi an de Stied an an all Uertschaft iwwer 2.500 Awunner méi laang hunn däerfen opbleiwe wéi an de Landgemengen. «L'appellation n'est pas exclusivement honorifique, elle s'applique à une circonscription sui generis, qui a un régime spécial, jusqu'à un certain point, et à ce point de vue l'on com-

prend que l'érection d'une section en ville nécessite l'intermédiaire de la législature.» Hee kënnt also zur wackeleger Conclusioun, datt d'Chamber e Gesetz misst maachen.

Den 21. Mee schreift de Blochausen dem Gustave de Marie, datt d'Demande refuséiert ass, verspricht awer, sech fir d'Prosperitéit vun der Gemeng anzesetzen.

De 27. Mee versicht de Gemengerot ënner der Fieder vum Notär a Schäfte Emile Ernest Salentiny an engem laange Bréif, der Regierung hire Standpunkt ze widerleeën, ma et ass näischt ze maachen. Den 18. Juni, grad wéi d'Expositioun iwwer 100 Joer Maart zu Ettelbréck am Gaang war, huet dem Staatsrot säin negativen Avis virleefeg e Schlusstréch ënner di ganz Diskussioun gezunn. An engem Bréif vum 24. Juli 1880 schléit de Staatsminister dem Buergermeeschter just nach vir, eventuell de Wopen awer nach unzufroen, well dat eleng de Grand-Duc géif entscheeden. Dat schéngt awer net geschitt ze sinn.

Wahrscheinlech wir ni méi eppes nokomm, wann net Esch/ Uelzecht d'Fro vun der Staderhiewung fënnel Joer méi spët nei opgerullt hätt. Zwar hunn di Escher d'Haltung vum Staatsrot kennt, mä si haten nient der Industrialiséierung an der rapid steigender Bevölkerungszuel een Argument, wat Ettelbréck net hat. Esch hat nämlech d'Stadfräiheeten nom Droit de Beaumont zënter 1311 an huet mat senger Stadmaueren d'Land, wéi si soten, 500 Joer verdeedegt, ier d'Fransousen am 17. Joerhonnert d'Mauern ofgedro hunn, wat eng gewëss Dekadenz an de Verloscht vum Stadtitel zur Folleg hat.

1886 huet de Staatsrot dat Argument nach net gëlle gelooss, mä 1904 ass den Escher Gemengerot rëm eng Kéier an d'Offensiv gaang, besounnesch well d'Awunnerzuel an der Zwëschenzäit vu 7.500 op ronn 12.000 geklomme war. Di Escher goufen an der Chamber ënnerstëtzt vum sozialistischen Deputéierte Caspar Mathias Spoo, deen den 8. Dezember 1905 an enger Proposition de loi de Stadtitel fir Esch verlaangt huet, ënner anerem mat der Begrënnung, Esch wir am Gemeengegesetz vun 1843 einfach vergiess ginn. Dat huet zwar net gestëmmt, an awer huet de Staatsrot dunn a sengem Avis vum 19. Januar 1906 dem Spoo Recht gi mam Saz: «Les occupations auxquelles se livre la population sont-elles principalement agricoles, la commune est rurale, sont-elles commerciales ou industrielles, c'est une ville», an huet gläichzäiteg d'Fro opgeworf, ob net och Ettelbréck, Diddeleng an



„um Kanal“ am Joer 1910


Déifferdeng ënnert diselwecht Conditione géife falen. Di éischt Gemeng, déi awer dorop reagiert huet an hir Demande gestallt huet, war Rëmeleng, an zwar den 8. Februar. Du koumen Ettelbréck de 17. Februar, Déifferdeng de 14. Mäerz an Diddeleng de 17. Mäerz mat hiren Ufroen.

Einstweilen huet awer nëmmen Esch den 19. Mee 1906 de Stadtitel kritt.

An der Zwëschenzäit ass vill iwver d'Critère vun enger Stad gerätselt, diskutéiert a mam Ausland verglach ginn, besonnesch am Innenministère. Méiglecherweis ass gefaart ginn, datt nach aner Uertschafte géifen nozéien an een net méi wéisst, wou ee sollt ophalen. An dësem Zesammenhang huet de Stater Distriktskommissar Pierre Braun d'Problematik op de Punkt bruecht. Hee schreift de 27. Abrëll 1906 un den Directeur général de l'Intérieur Kirpach: «Il est difficile de déterminer, en dehors de l'élément historique, les conditions que doit remplir une agglomération pour obtenir le titre de ville. Quel que soit le critère du classement, un certain arbitraire ne pourra être évité. L'amour-propre des cinq localités est engagé (...) Les avantages attachés au titre de ville sont pour ainsi dire

insignifiants... Il aurait été préférable de n'attribuer le titre de ville qu'aux chefs-lieu de canton d'une certaine importance, ne fût-ce qu'à titre distinctif.» Seng Conclusioun klängt resignéiert: «La question n'est pas assez importante pour opposer une résistance formelle à la demande des cinq communes.»

Vläicht well gefaart gouf, datt d'Affär fir Ettelbréck nach net gewonnen war, huet den Ettelbrécker Gemengerot, deem de Gustave de Marie zënter Mäerz 1905 eng zweet Kéier als Buergermeeschter virstoung, ganz zolidd Ustregunge gemaach, fir déi Kéier de Stadcritère honnertprozenteg ze entsprechen. Eis Uertschaft war zwar di klengst vun de Kandidaten, mä d'Bevölkerung war zënter 1880 ëmmerhin vun 3.472 op 4.100 geklomm. Nei Stroossen an iwver 150 nei Haiser hunn d'Stadbild verännert. Am Abrëll 1905 gëtt de Bau vun engem neie Stadhaus an enger neier Post eestëmmeg beschloss. Architekt war kee Geréngere wéi de Sosthène Weis. Gläichzäiteg ginn eng nei Waasserleitung geplangt an d'Kanalisation fäerdeg geluegt. Och wann een Deel vum Gemengerot am Ufank wéinst den héije Käschten dergéint war, huet d'Majoritéit fir de Bau vun engem grouse Schluecht-



Plaquette aus dem Joer 1907

haus zu Ettelbréck votéiert. Derniewent gëtt en neit Elektrizitéitswierk an Aussicht gestallt, woubäi an der Dagoismillen un der Wark zënter 1893 schon ee vun den éischten Elektrizitéitswierker am Land funktionéiert huet. De Verschéinerungsveräin vun Ettelbréck gëtt sech vill Méi fir den Ausbau vum Tourismus. Fir d'musikalesch Animatioun suergt d'Philharmonesch Gesellschaft ënner dem landbekannte Komponist an Dirigent Philipp Manternach, deen och grouss Verdéngschter ëm d'Ettelbrécker Musekschoul huet. Mat der Akerbauschoul, déi schon 140 Schüler aus dem ganze Land ënnerriicht, huet de Gemengerot eng zousätzlech Tromp an der Hand.

Enn 1906 gëtt Bierden vun der Gemeng Ettelbréck ofgetrennt a kënnst zu Ierpeldeng, dat schon 1850 zesumme mat Schieren lassgeléist gi war. 1907 ass et dann esou wäit. Den 31. Mee leet de Conseil d'Etat d'Critèrè vun enger Stad kloer fest: „une population assez importante, le siège de l'industrie ou du commerce, l'entretien et l'éclairage des rues, des

constructions régulières et agréables, l'existence de services publics, la facilité de la circulation“. Dat kléngt wéi op Ettelbréck zougeschnidden.

De 4. Juni erlaabt de Wëllem IV. dem Innenminister e Gesetzesprojet anzereechnen. No engem laange Plaidoyer vum Deputéierten Neumann stëmmt d'Chamber eestëmmeg de 24. Juli d'Staderhiewung vun de 4 genannten Uertschaften. Den 31. Juli gëtt de Conseil d'Etat d'Dispens vun engem zweete Vote, sou datt de Grand-Duc d'Gesetz de 4. August kann ënnerschreiwien. Och de Wope vun 1880 ass vum Grand-Duc accordéiert ginn.

D'Staderhiewunge vun 1906 an 1907 si bis haut eemoleg an der Geschicht vum Grand-Duché. Et ass kloer, datt ouni d'Initiative vun Ettelbréck an duerno vun Esch den historischen an de juristischen Debat iwwe d'Identitéit vun den Uertschaften nit geféiert gi wier. Firwat war dës Fro spéiderhi keen Thema méi hei zu Lëtzebuerg? Mä well materiell quasi näischt um Spill stoung. Et gëtt duerchhaus nach eng Partie Uertschaften, déi d'Critèrè géifen erfëllen an déi d'Leit am normale Sproochgebrauch gär mat „Stad“ oder „Stiedchen“ betitelen. Denkt beispillsweis u Schëffleng, Péiteng, Betebuerg

oder och Miersch, d'Fiels a Klierf.

Wa mer dëst Joer feieren, da virun allem aus Dankbarkeet fir dat, wat virun 1907 an an de vergaangen honnert Joer hei zu Ettelbréck gelescht ginn ass. Erlaabt mer, grad an dësem Zesammenhang d'Bedeutung vun den Ettelbrécker hirer Resistenz am 2. Weltkrich bei dëser Geleeënheet speziell ze ernimmen. De Stadtitel war a bleift eng symbolesch Unerkennung a gläichzäiteg eng Verpflichtung fir d'Zukunft.

Haut steet fest, datt d'Stad Ettelbréck dës Zukunft zesumme mat der Stad Dikrich an deenen anere Gemenge vun der Nordstad wäert gestalten. Dat ass ëmsou méi plausibel, wéi sech di eenzel Uertschaften ergänzen an och an Zukunft hir Eegeart net brauchen opzeginn.

Et bleift just ze hoffen, datt déi Liewensqualitéit, déi mer bis elo an eisen Uertschaften haten, och fir di nächst honnert Joer geséichert bleift.

André GROSBUSCH

Centenaire de la Ville d'Ettelbruck




Samstag, den 6. und Sonntag, den 7. Januar 2007:

Internationales Badminton-Turnier

Das traditionelle internationale Turnier des Fiederwäiss Ettelbréck war der offizielle Startschuss zu den Centenaire-Feierlichkeiten.

Am ersten Januar Wochenende gab es neben interessanten Federballspielen zum Abschluss der Veranstaltung den Geburtstagskuchen geschmückt mit dem Logo der





Sonntag, den 28. Januar 2007: Nostalgie-Dampzugfahrt auf der Attertlinie

Am 28. Januar stattete die luxemburgische Dampflokk 5519 der Stadt Ettelbrück einen Besuch ab und gratulierte vorzeitig, da sie im Juni wegen Instandhaltungsarbeiten im Ausland nicht am großen Eisenbahnfest teilnehmen konnte. Fast 1000 Freunde der Dampftraktion nahmen begeistert an den Pendelfahrten zwischen Ettelbrück und Bissen teil.



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Konferenz «Jéinesch»

In einem vollen Festsaal referierte die Germanistin Véronique Back zum Thema «Jéinesch». Interessant war zu erfahren wie die „Lakersprooch“, welche Anfang des 20. Jahrhunderts in Weimerskirch und Umgebung verbreitet war, auch ihren Weg nach Ettelbrück gefunden hatte. So wurde kräftig auf dem „Äschenhiwwel, Bolgensteen, Kärgass, neie Wee“ gemosselt. Noch heute leben dort Familien, von denen zumindest die älteren Generationen im Gespräch untereinander viele „Jéinesch“-Ausdrücke benutzen.



Konferenz «Von Ettelbrück nach Samoa»
über Pater Edouard Bellwald

Centenaire de la Ville d'Ettelbruck




Samstag, den 5. Mai 2007:

Einweihung einer „Plaque commémorative“ für Dr. Nicolas Huberty,

für dessen unermüdlichen Einsatz im Dienste der Ettelbrücker Bevölkerung während der Besatzungszeit.



Freitag, den 18. Mai 2007:
Offizielle Vorstellung einer Sonderausgabe von Briefmarken mit den 4 Jubiläumsstädten Ettelbruck, Differdingen, Düdelingen und Rültingen.




Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Samstag, den 19. und Sonntag, den 20. Mai 2007: **Internat. Tischtennisturnier Special Olympics**
Auch der Geistigbehindertensportverband nahm mit einer Sportveranstaltung an den Feierlichkeiten des Centenaire teil. Unter der Mithilfe des lokalen DT Etzella organisierte Special Olympics seinen „Tournoi du Centenaire“ im Tischtennis. Neben gutem Sport fand auch ein Atelier „healthy athlete“ statt. Spitzenspielerin Ni Xia Lian stattete bei dieser Gelegenheit den Teilnehmern aus Irland, Frankreich, Deutschland, Holland und Luxemburg einen Freundschaftsbesuch ab.



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Daf vun den 2 Lokomotiven

Gleich 2 Loks wurden am 24. Mai 2007 von Transportminister Lucien Lux auf den Namen „Ettelbrück“ getauft: der historische Westwaggon SSMN208 ex CFL Z 208 A/B aus den fünfziger Jahren und die moderne E-Lok 4011.





Höhepunkt der Feierlichkeiten war das Volks- und Eisenbahnfest am 8., 9. und 10. Juni.

Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Eröffnungsfeier auf dem „Äschenhiwwel“

Freitag, den 8. Juni ab 19.07 Uhr bis spät in die Nacht
Programm:

-Zum Auftakt“ das „Ettelbrécker Lidd“ durch die „Bänkelsänger“.

-Danach Begrüßung durch Herrn Pascal Nicolay, Präsident der „Commission du Centenaire“

-Offizielle Eröffnung des „Weekend du Centenaire“ durch Bürgermeister Jean-Paul Schaaf

-Blumenniederlegung am Gedenkstein zur Erinnerung an die Brandkatastrophe des Jahres 1778

-Lieder und Sketsche aufgeführt durch die Mitglieder des Theatervereins „Löschtesch Nordbühn“ und der „Bänkelsänger“.



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Volksfest vom 9. Juni 2007

Samstag, den 9. Juni

13.30-17.30: Vom „Gemeindeboten,, geleitete Führung der Besucher vom Bahnhof durch die Fußgängerzone bis zur „Place Marie-Thérèse“, vorbei an den 15 Spielzonen, die das Leben in früheren Zeiten darstellten:

- Pferdekutsche mit Gästen für ein Hotel
- Mit dem Fahrrad unterwegs 1907 (Union Cycliste du Nord)
- Butterherstellung früher (Chorale Sainte-Cécile)
- Fischfang in der Wark (La Puglia)
- Schulklasse im „Töchterpensionat“ (Ecole Privée Saint-Anne)
- Scherenschleifer bei der Arbeit (Privat)
- Hochzeit in alter Zeit (Theaterveräin „Rido Op“)
- Strohwagen (FC Etzella)
- Pfadfinder im Zeltlager (Ettelbrécker Scouten)
- Kirmes im Dorf (Ettelbrécker Theaterfrënn)
- Brotbacken (Robbesscheier)
- Eisenschmiede bei der Arbeit (Atelier Besenius)
- Raufbolde und Polizei (Judo-Club)
- Waschfrauen am Waschbrunnen (Badminton)
- Turner 1907 (Turnverein La Patrie)

14.00-19.00 Ausstellung der Schulkinder zur Geschichte des Schulhofes in der Primärschule

19.00 Konzert der „Ettelbrécker Strëpp“

18.00-23.00 Kunstmarkt rue Abbé Muller

20.00 Open-Air- Konzert durch die

Gruppe „The Moon Invaders“

22.30 „Sons et Lumières“ Sound, Light & Lasershow mit anschließendem Feuerwerk



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Ettelbrück

Dampwolléken iwwer Ettelbréck

9. + 10. Juni 2007


Eisenbahnfest in Ettelbrück

- Historische und moderne Lokomotiven und Wagen
- Sonderfahrten mit Dampzügen
- Kartoffelkafer und Wespzwienen
- Historische Ausstellung
- Modellbahnanlagen in Spur I und HO
- Modellbahnbörse



www.ettelbrück100.lu

NRWA 1504 Classics CTR GAR 55 19





Eisenbahnfest: „Dampwolleken iwwer Ettelbréck“


Am 9. und 10. Juni 2007 fand im Rahmen des „Weekend du Centenaire“ das Eisenbahnfest „Dampwolleken iwwer Ettelbréck“ statt. Über 2 Tageschnupperten tausende von Eisenbahnfreunden den speziellen Geruch von nicht weniger als 5 historischen Loks unter Dampf, begeisterten sich für die ausgestellten Westwaggons, NOHABs, 1600'er und 1800'er usw. Sie erfreuten sich an den ausgestellten Modellanlagen in allen Spuren und der Eisenbahnbörse in der „Ecole Privée Sainte-Anne“. Sogar 2 Sonderzüge aus Deutschland brachten Schaulustige in die hundertjährige Stadt.



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Samschteg, den 22. Juni 2007:

Nationalfeierdag

En aneren Héichpunkt vun eisem Centenaire war de Besuch vum Groussherzog Henri an der Groussherzogin Maria-Teresa um Virowend vun eisem Nationalfeierdag. Den héige Besuch gouf vum Député-maire Jean-Paul Schaaf begréisst an huet Blummen virum „Monument aux Morts“ néiergeluegt. Duerno ass di groussherzoglech Koppel duerch Groussgaass getrëppelt an huet mat vill Interesse verschidde Veräiner hir flott Opféierungen verfollegt. Am Schoulhaff huet de Groussherzog d’Gedenkplack un di éischt Opféierung vun der Heemecht 1864 op dëser Plaz ageweit. Zum Schluss hunn de Groussherzog an d’Groussherzogin am Préau vun der Primärschoul dee riisege Gebuertsdayskuch vum Centenaire opgeschnidden.



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck

Juillet 2007:

Jardin du Centenaire / Arcade

Tous les ans au printemps, le Projet Arcade invite dans son jardin au lieu dit Widdewee des classes de l'école primaire à une action de plantation. Pour l'année du Centenaire, la formule a changé un peu. Il n'était point question de planter des légumes ou des salades, mais la place était libre à la créativité des élèves. Le thème du Centenaire de la Ville d'Ettelbruck était traité par quatre classes des sixièmes années. Un premier prix a été décerné, par le jury composé de membres de la commission du centenaire, à la classe de Marie-Pierre Lange.



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Samstag, den 21. Juli 2007:

Top Perche in der Fußgängerzone


Gleich drei Jubiläen feierte der Leichtathletikverein CAPA: 10 Jahre Top-Perche, 25 Jahre CAPA sowie 100 Jahre Stadtrechte Ettelbrück. Zu diesem Anlass fand denn auch der Stabhochsprungwettbewerb wieder in der Fußgängerzone statt. Ein interessantes Sportereignis das viele Zuschauer begeisterte.



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



**Foire Agricole und
„Schwäizer Weekend“**
Vom 29.06.-01.07.2007



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



4. August 2007: Das „Bébé du Centenaire“

Pol Flick-Deisges aus Pratz ist das «Bébé du Centenaire». Es ist das einzige in Ettelbruck im „Hôpital Saint-Louis“ am 4. August 2007 geborene Baby. Eine Delegation der „Commission du Centenaire“ überbrachte den strahlenden Eltern mit den Glückwünschen des Schöffen- und Gemeinderates einen Blumenstrauß und ein kleines Geschenk.

Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Dienstag, den 25. September 2007

Eröffnung von zwei Ausstellungen im Centre des Arts pluriels
„Die italienische Einwanderung“ durch die Vereinigung La Puglia
und „Ettelbréck gëschter an haut“ durch den Photoclub Ettelbruck

Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Ettelbréck
100 ANS

PHOTO-CLUB
ETTELBRUCK

Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Graffiti réalisé am Kader vun „Nordstad Musik-, Konscht an Danzatelieren“ vum 3. bis 7. September 2007



Dienstag, den 25. September
Ausstellung Précoce



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Samschdeg, den 13. Oktober 2007:
Rallye fir Kanner: „100 Joer Stad Ettelbréck-100 Joer Scouten“,
organiséiert vum „Groupe Saint-Sébastien“ vun Ettelbréck.



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Sonntag, den 14. Januar 2008:

The 4 Centennials

Am 14. Januar gaben die Musikgesellschaften der vier Ortschaften, denen Großherzog Wilhelm am 4. August 1907 den Stadttitel zuerkannt hatte, d. h. Ettelbrück, Düdelingen, Differdingen und Rümelingen, in der Sporthalle im Deich ein gemeinsames Konzert vor ungefähr 700 begeisterten Zuhörern. Dasselbe Konzert wurde auch in den anderen drei Städten gegeben.



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Gala Turner


Das jährlich stattfindende Gala der Turner stand auch im Zeichen der Jahrhundertfeier.



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Revue
«Ettelbrécker
Theaterfrënn»





Trials WM-Lauf in Warken

Am 29. und 30. März fand in Warken, unter der Organisation des TCW, nach 2003, wieder ein Weltmeisterschaftslauf statt. Erstmals wurde auch ein Frauenwettbewerb ausgetragen. Gleich vier verschiedene Routen (World Pro, Junior, Youth, Frauen) wurden angeboten. Bei einem enormen Zuschauerzuspruch konnte der Wettbewerb ganz knapp vom Spanier Toni Bou vor seinem Landsmann Adam Raga und dem Japaner Takahisa Fujinami gewonnen werden.

Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



125 Joer Ettelbrécker Pompjeeën de 6., 7. an 8. Juni mat enger Séance Académique, enger Ausstellung, Demonstatiounen an engem grouse Cortège

Centenaire de la Ville d'Ettelbruck




Exposition: „100 Joer Handwierk zu Ettelbréck“

L'exposition «Entreprises artisanales à Ettelbruck», fut organisée par le Cercle Philatélique Ettelbruck, en collaboration avec la Commission du Centenaire de la Ville d'Ettelbruck. Une trentaine de cadres présentaient des documents administratifs, vieilles factures, papier à lettres, logos et publicités des entreprises artisanales d'Ettelbruck des deux derniers siècles, soigneusement sélectionnés par Marcel Schwalen. Ainsi fut retracée la vie économique, commerciale et artisanale d'une localité, devenue ville en 1907.



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck




Intervilles

Recht stimmungsvoll ging es Anfang Juni im und rundum das Oberkornener Schwimmbecken zu. Differdingen hatte die drei anderen Centenariums-Städte zu einem sportlichen Wettstreit eingeladen. Eisbergklettern im Pinguin-Kostüm, Crazy-Wheel, Tauziehen, Wasser-Rodeo oder aber ritterliches Eselreiten hießen einige der acht angebotenen Wettweberbe. Dieses Intervilles du Centenaire war so eine Art „Spiel ohne Grenzen“, wo neben sportlichem Können, Teamgeist und eine gute Portion Humor gefragt waren. Spaß war somit bei den Teilnehmern und den Zuschauern Trumpf. Nach einer Glanzleistung seines „Spiderman“ ging Ettelbrück als Sieger hervor. Der Preis, ein 800 Kilo schwerer Greyträger wird in Zukunft seinen Ehrenplatz vor der Sporthalle im Deich finden.

Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Freitag, den 20. Juni 2008: An diesem Tag wurde das „**Livre du Centenaire**“ im Stadthaus auf einer Pressekonferenz der Öffentlichkeit vorgestellt. Das 304 Seiten dicke Werk umfasst 21 Texte mit 396 Fotos oder Bilddokumenten, wurde 1300 Mal gedruckt und kann zum Preis von 40 Euros erworben werden: Im Büro der „Recette Communale“ im Stadthaus, im „Syndicat d'Initiative et de Tourisme“ in der rue de Bastogne sowie in der Buchhandlung Libo, in der rue Prince Henri. Bestellen kann man es durch Überweisen von 43 Euros auf das Konto der „Recette Communale“ IBAN LU29 1111 0010 4171 0000 mit dem Vermerk: Livre du Centenaire.

Ettelbréck
VILLE CENTENAIRE 2007

ETTELBRUCK 100 Joer Stad 1907-2007



126



A partir des années cinquante les divers activités regrettent sous l'invasion des sociétés motivées par un élan d'après-guerre retrouvé.

A part les activités des sociétés, comme le «Photo-Club» dans l'invitation à l'art photographique, des artistes individuels ont enrichi, par leur créativité, notre patrimoine.

Dans ce contexte il faut bien mentionner les activités théâtrales qui, libérées de la censure, représentent de plus en plus, et dont la continuité est assurée par les «Ettelbrécker Theaterfrëien», la «Léischter Theaterrëien» et la société «Mido 190». Pour leurs représentations, ces troupes dynamiques ne cessent de fasciner les spectateurs!

100 Ettelbréck -> vision 1917

138



Der Verein sollte zu Beginn „im Lärchen“. Bereits 1939 fand ein Ländertreffen gegen Belgien in Ettelbréck statt. Nachdem während fast 5 Jahren kein Fußballspiel im Ettelbréck ausgetragen wurde, entstand nach dem Krieg auf dem Schulplatz eine gelbe Anlage. Dies war jetzt möglich geworden, weil im letzten Kriegsjahr die „Nazis“ zur Abhaltung ihres letzten Kriegsspiels kurzzeitig den alten eisenblechernen Kiosk abgerissen hatten. Für den Basketball begann eine neue Ära. 1946 schloss Eppel Ettelbréck in der 2. Division die Meisterschaft als Zweitplatzierte hinter Mersch ab. Bereits 1947 wurde die neue platzierte Meisterschaft erreicht mit der Partie zwischen dem

Spielplatz international genutzt mit der Partie zwischen dem Spielplatz international genutzt mit der Partie zwischen dem Spielplatz international genutzt mit der Partie zwischen dem

Der 15. Januar 1936, vor dann die Geburtsstunde des „Tennis-Club Heiles Ettelbréck“, welcher seine

de „Bildung Club“ -> im Jahre 1936

ETTELBRUCK 100 Joer Stad 1907-2007

ersten Aktivitäten auf den Anlagen der „Krickweiden“ ausging. Joseph Fies erwarb jedoch, dies bereits im Jahre 1909 ein „Lawn Tennis Club“ gegründet worden sei.

Diese Vereine darf man sicherlich als die Vorläufer einer erfolgreichen Sportgeschichte in der Stadt Ettelbréck betrachten. Wegen der Würtens des 2. Weltkrieges, als des Sportplatzes fast 1000 zum Ruhen gekommen war, wurden viele talentierte Sportler einer verheerenden Karriere beraubt.

Sport in der Nachkriegszeit

1946 nahen die „UCV“ ihre Tätigkeiten wieder auf und bemühte sich besonders ein Radfahren zu Ehren von General Patton zu organisieren. Neben der Ankunft des „Tour de Luxembourg 1947“, verbunden mit dem „Grand Prix Mirébi Dier“, konnte der Verein wertvolle Arbeit bei Rennen wie der „Ronde de Luxembourg“, dem „Tour des 13 Cantons“ sowie der „Fleche de Lüd“ nach dem Scheitern der Errichtung eines Patton-Monumentes wurde



BUCH
vum Centenaire

ETTELBRUCK
100 Joer Stad 1907-2007

Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Freitag, den 27. Juni 2008:

Abschlussfeierlichkeiten

Den Abschluss der Feierlichkeiten bildete ein vom „Syndicat d'Initiative et de Tourisme“ zusammen mit der „Commission du Centenaire“ organisierte Feier unter dem Titel:

„Century Music Highlights“ mit folgendem Programm:

-Ettelbrécker Strépp: Concert à l'Ancienne, le début du siècle

-Steven Pitman: „Memories... a Tribute to the King“ (Elvis Presley)

-Big Band de la Musique Militaire

-«Abba Revival Show».



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck



Wagon MÄRKLIN

Sold out



Tasse NEW WAVE Caffè

Edition spéciale 100enaire

Tasse espresso avec party plate (Villeroy & Boch)

Set 1 tasse & 1 assiette coffret cadeau 29,00 Eur

Set 2 tasses & 2 assiettes coffret cadeau 58,00 Eur

Disponible auprès du Syndicat d'Initiative



Sousbocks

Edition spéciale 100enaire

2 x 4 sousbocks & box 3,00 Eur (+frais d'envoi)



Sets de Table

500 pcs. 25,00 Eur

Edition spéciale 100enaire 1000 pcs. 45,00 Eur

emballage par 500 pcs. 5000 pcs. 200,00 Eur

(livraison gratuite)

Livre du Centenaire

304 pages

emballage sous film

(+frais d'envoi 3 Eur) 40,00 Eur

Disponible auprès de la Recette Communale (Maison Communale), du Syndicat d'Initiative (rue de Bastogne) et chez LIBO (rue Prince Henri)

Envoi postal: Prière de verser 43 Eur sur le compte CCPL LU29 1111 0010 4171 0000 (Recette Communale) avec la mention «Livres du Centenaire»



Centenaire de la Ville d'Ettelbruck

Partenaires:



MOLA
Ettelbruck - Intérieur - décoration (srl)
11 av. Kennedy, L-9050 Ettelbruck - Tél.: 81 23 26 - Fax: 81 24 42



DEXIA



KARLINE
Grand-Rue, 40, ETTTELBRUCK
Tél: 81 07 06 - Fax: 81 17 28
www.karline.lu



disco LUX.LU
Sound & Light



Ettelbréck
VILLE CENTENAIRE 2007

ELECTRICITE P. DIEDERICH
Soc. FETPEL
Zone plénière
L-9061 ETTTELBRUCK
Tél: 81 21 19 - Fax: 81 84 18



AD
ETTELBRUCK op der Maartplaz



SPUERKEESS



BIJOUTIERS - JOAILLIERS WINDSHAUSEN



HOME Consult



WHEELER
Feel the difference
Ford



opti-vue
BEGGEN + ETTTELBRUCK + JUNGLINSTER + MERSCH
REDANGE/A. + NIEDERANVEN + WEMPEHARDT

Cycling, fitness, aérobic, dance, foot fit, massage etc...
fitness academy
une équipe dynamique à votre service.
Ettelbruck
25 81 19 19



MILADY
D'ORFÈVRES
L-9050 ETTTELBRUCK
Tél: 81 23 26

1 rue de la Poste, L-9050 ETTTELBRUCK
Eurotaxi-Lux Ettelbruck
Tél: 81 27 97 - Fax: 81 02 39



Pond Mossling



rms.lu
Mobiles Identification Performance
L-9050 ETTTELBRUCK



L.S. SPORTS
18 Rue, Abdel Henni Muller
L-9050 ETTTELBRUCK
Tél: 81 84 55 Fax: 81 28 72

GARAGE - CARROSSERIE
LEWECK
ERPELDANGE TEL: 81 05 41
garage-leweck.lu



Chapelle-Chemmerik
Jager-Chefsmeier
12 Grand-Rue
L-9050 Ettelbruck
Tél: 81 22 79



VOYAGES FLAMANG
L-9050 ETTTELBRUCK



Sofis



Los Spa



Scholes & Broye



NATURATA




Ettelbruck



SB
SCHOLES et BRAYEL



STATION ETTTELBRUCK



Specials
Stones Steak House



CONVIS





Editeur responsable:
**Collège des Bourgmestre et Echevins
de la Ville d'Ettelbruck**
B.P. 116
L-9002 Ettelbruck

Tél.: 81 91 81-1

